



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

7. 6972 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2015/2376 du Conseil du 8 décembre 2015 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal et portant modification de la loi modifiée du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Ech sinn also deen, dee verhönnert huet, datt hei den „grand chelem“ vum André Bauler konnt duerchgezu ginn. Mä dann, fir vläicht am Jargon vum Rapporteur André Bauler ze bleiwen, dat hei gëtt da vläicht d'Kiischt op de Kuch vun deem ganze Menü...

(Brouhaha)

...vun all deene Projeten, Finanzprojeten, déi mer haut de Mëtteg hei haten. Well awer, mengen ech, an deem heite Projet - doriwwer eraus, datt mer eng Direktiv ëmsetzen - awer och eng gewësse Symbolik ass, déi all déi Projekte respektiv d'Politik am Finanzberäich awer duerstellt.

Et ass jo esou, datt de Finanzminister an d'ganz Regierung sech virgeholl hunn, fir am Beräich vun der Finanzplaz Lëtzebuerg zum engen op Diversifikatioun ze setzen - mir haten de Projet haut de Mëtteg -, op där anerer Säit awer och op Transparenz ze setzen. An an deem Sënn ënnerstëtz d'Regierung jo och all d'Efforten, déi gemaach ginn op europäeschem Plang, op dem Niveau vun der OECD, déi an déi Richtung ginn.

Mëttlerweil si mer och, an dat ass och bekannt, net nëmmen Undreiwer an „first mover“, wann et drëms geet, am europäeschen, mä och am internationale Kontext, méi Transparenz an och méi gemeinsam Regele fir d'Transparenz ze fannen.

Ech mengen, duerfir si jo och an deene leschten zweeanenhalleft Joer eng Rei Initiative vun der Regierung geholl ginn op europäeschem Plang, mä awer och Initiativen, déi hiren Nidderschlag hei an der Chamber fonnt hunn, well mir hu jo eng ganz Rei Gesetzter an där Logik gestëmmt.

Mir kënnen och feststellen, datt d'Transparenz sech net negativ ausgewierkt huet op d'Finanzplaz Lëtzebuerg, au contraire, datt dat éischter positiv ass. Mir gesinn och, datt dat weiderhin e ganz aktiv Secteur ass, datt och do weiderhi ganz vill Plus-value kreéiert gëtt, mä awer och vill Aarbechtsplaze weiderhin do bestinn.

Mir sinn doduerjer och mëttlerweil vun de groen a schwaarze Lëschten erofkomm. An et kann een awer soen, datt d'Attraktivitéit vun der City Lëtzebuerg méi wéi jee ganz grouss ass!

Dëse Projet de loi, deen d'Ëmsetzung vun enger Direktiv ass, enger ganz rezenter Direktiv, läit och an där Logik vun der Transparenz. An ech wëll och rappeléieren, datt et ënnert der lëtzebuergescher Présidence war, am zweete Semester 2015, wou den Accord politique zustane komm war, eben ënnert der lëtzebuergescher Présidence, méi spezifesch och ënnert der Présidence vum Finanzminister Pierre Gramegna.

Ëm wat geet et bei där Direktiv respektiv dann elo bei deem Projet de loi, wou mer déi Direktiv ëmsetzen? Konkret geet et ëm en Échange automatique d'informations bei de sougenannte Steuer-Rulingen an den Accords pré-

lables bei de Prix de transfert. A säit der sougenannter LuxLeaks-Affär si Rulinge jo mëttlerweil e land- a stadbekannte Begrëff ginn.

Ech wëll awer nach eng kéier vläicht ganz kuerz rappeléieren, ëm wat et dobäi eigentlech geet. Rulingen, eigentlech ass den techneschen Term „Décision anticipée“ vun der Steierverwaltung vis-à-vis vun engem Contribuable, hei am Regelfall Sociéiteiten. Firwat déi Accords préalables oder déi Décisions anticipées? Dat ass, fir datt eng gewësse Prévisibilitéit do ass, fir datt d'Sociétéit weess, op wat se sech kann aloossen, wéi vill Steiere se muss bezuelen.

Et ass also net e loucht Ofkommen oder iergendeen Arrangement zwëschen enger Verwaltung a Sociéiteiten. Neen, e Ruling, dat ass also eng Décision, déi am Virfeld geholl gëtt, opgrond vun deenen Informatiounen, déi d'Verwaltung huet. Et muss een och soen, dat sinn also legal Besteuerungen an a 26 Länner an der EU sinn déi och praktizéiert ginn a ginn och nach weiderhi praktizéiert.

Ech mengen, wat eben an der rezenter Vergaangenheet, besonnesch zu deem Moment, wéi LuxLeaks méi héich Welle geschloen huet, wat do natierlech diskutéiert ginn ass, ob déi Rulingen deontologesch vertriebbar wieren, wa ganz niddreg Steiertauxen dobäi erauskomm sinn. Mä do muss een awer och soen, déi Tauxen, déi erauskoumen, ware letztendlech och nëmmen eng Kombinatioun vu besteeënden nationalen an europäesche Steuerregelen, déi een do applizéiert huet.

Ech wëll och rappeléieren, dat hei ass also eng Direktiv, wou et ëm d'Rulinge geet, mä et war awer och schonn am Budgetgesetz fir 2015, wou mer d'Rulingen an eis Gesetzgebung ageschriwwen hunn, well mer se do déi éischte kéier, déi Décisions anticipées, gesetzlech formaliséiert hunn an also an eis Gesetzter ageschriwwen hunn.

Dës Direktiv läit och an der Linn vun der fënnefter Aktioun vum BEPS. A mir féieren also elo hei den automateschen Austausch vun Informatiounen betreffend Vorabbescheide oder Décisions anticipées an.

Wéi soll dat elo konkret fonctionnéieren? Vlächet e puer Haaptakzenter. Dat heescht, hei gëtt also, fir et e bësse bildlech duerstellen, gëtt elo net en Échange automatique bilatéral zwëschen de Länner agefouert, mä hei gëtt en zentrale System etabliert.

Dat heescht, wat fir eng Rulinge ginn dann an déi zentral Datebank geschéckt? Dat sinn dann ebe Rulingen, déi e Caractère transfrontalier hunn, wat och heescht, datt se muss Sociéiteite betreffen, déi a méi Länner déi eng oder aner Aktivitéit hunn.

Et gëtt esou eng zentral Datebank agefouert - déi ass bei der Kommissioun situéiert, déi organiséiert dat -, wou dann déi eenzel Memberstaaten hir Informatiounen eraginn an da kënnen déi eenzel Memberstaten do op déi Informatiounen zrëckgräifen. A jee nodeem, wann dat de Fall ass, kënnen se dann och natierlech all d'Informatiounen froen, wann et eng Sociétéit ass, déi zum Beispill och an hirem Land da concernéiert ass, datt se dann den integrale Ruling kënnen froen.

Et ass och esou, datt hei déi eenzel Memberlänner - also eng Rei, ech wäert der herno e puer opzielen - op Informatiounen kënnen Zougrëff hunn, datt awer d'Kommissioun keng nominativ Donnéeë ka kucken. Si zentraliséiert dat a si kann och déi Donnéeë benotzen, haaptsächlech fir statistesch Zwecker ka se dat maachen. Mä awer soss ass awer fir d'Kommissioun do net den Zougang, wou se all déi nominativ Date kéint kréien.

Bon, wat fir eng Basisinformatiounen ginn dann an déi zentral Datebank do geliiwert, déi

dann de Memberlänner zougänglech sinn? Dat ass d'Identifikatioun vum Contribuable - dat ass zum Beispill eng Informatioun, déi d'Kommissioun net ka kucken -, de Résumé vun der Décision fiscale, d'Datumer vun der Décision, d'Durée, d'Validitéit vun der Décision, den Typ vun der Décision, well et jo verschidden Typpe vu Rulinge ginn, d'Montante vun der Décision, d'Deskriptioun vun der Method zum Beispill, wéi een de Prix de transfert fixéiert huet, an nach verschidden aner Informatiounen. Dir fannt den Detail am Text respektiv an der Direktiv, haaptsächlech an den Artikel 6, 7 an 8, mengen ech, wou all déi Informatiounen, déi mussen geliiwert ginn, opgezielt ginn.

Et ass elo esou, datt déi Direktiv dann applikabel ass den 1.1.2017 fir all nei Rulinge respektiv fir all Accord préalable beim Prix de transfert. Wann d'Décision bis dräi Méint geholl ass, müssen déi Informatiounen dann an déi Datebank do geschéckt ginn.

Et gëtt awer och e Volet Retroaktivitéit hei bei där Direktiv. Ënner anereem ass dat esou: Rulingen, déi zwëschen 2012 an 2013 geholl gi sinn an déi och nach 2014 valabel waren, ginn och an de System agefiddert. An déi Rulingen zwëschen 2014 an 2016 ginn och erageschéckt. An dann ass et awer esou, datt Sociéiteiten, wou de Chiffre d'affaires manner wéi 40 Milliounen ass a wou d'Décision virum 1.4.2016 geholl ginn ass, déi müssen net geliiwert ginn, ausser et si Sociéiteite vum Investment oder déi an de Finanzen tätég sinn.

Bon, eppes, dat heescht, hei hu mer eigentlech eng Direktiv, déi mer eent zu eent ëmsetzen, wou Der also den Detail herno och do kënn liiesen. Et ass och nach esou, datt mer hei och eng Modifikatioun an engems huele vum Gesetz vun 2013 iwwert d'Coopération administrative dans le domaine fiscal, well dat jo dann och hei ëmgeännert gëtt.

Voilà, dat sinn déi wichtegst Eckwäerter vun där Direktiv. Ech mengen, virun allem ass dat hei e ganz wichtige Schrëtt fir nach eng weider Transparenz, déi mer ustriewen, wou mer et wierklech wichtig fannen, datt déi iwwerall ëmgesat gëtt, a wou mir eis dat jo och op de Fändel geschriwwen hunn a woumadder mer och eigentlech, géif ech soen, praktesch e Schlusstréch ënnert d'Opaarbechtung vum LuxLeaks-Dossier gemaach hunn.

Dat gesot, hoffen ech op eng grouss Zoustëmmung an ech ginn hei schonn d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An elo awer dee richtegen „grand chelem“: den Här Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci och dem Här Berger. An effektiv: Wann een déi zwee zesummenhëlt, gëtt et am Double en „grand chelem“.

Merci och dem Här Berger, deen eigentlech och do e ganz schwieerege Projet a relativ einfache Wieder, wann een dat iwwerhaupt ka maachen, hei erkläert huet. Ech wollt just och do nach eng kéier op ee Punkt agoen, dee mer wichtig schéngt ze sinn, dee mer och in extenso an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert hunn: Dat ass vun deem zentrale Regëster, deen also vun den Informatiounen vun deene jeeweilege Steierverwaltungen gespeist gëtt.

Et ass awer esou, datt dee Regëster selwer keng Verantwortung huet, mä d'Verantwortung weider bei de Steierverwaltungen läit. An do wollt ech, Här Minister, awer och nach eng kéier drop hiweisen, datt et mir awer wichtig schéngt ze sinn, datt an där ganzer Thematik Échange d'informations - d'ailleurs net nëmme bei Rulingen, mä iwwerhaupt - ëmmer sollen a müssen déi Informatiounen bei de jeeweilege Steierverwaltungen ugefrot ginn an datt déi jeeweileg Steierverwaltungen och déi Informatiounen viruginn. An deem Fall ass et iwwert deen zentrale Regëster. Bei anere Legislatiounen geet et ebe vu Steierverwaltung direkt zu Steierverwaltung.

An do wollt ech och nach eng kéier drop hiweisen, datt mir och do zu Ouere komm ass, datt eng Rei vu Steierverwaltungen schonn déi, géif ech soen „schlecht Gewunnecht“ ugeholl hätten, net méi iwwer hir Homologen ze fueren, mä direkt bei Instituter, bei Etablissements, bei Sociéiteiten déi Informatiounen unzefroen, wat manifestement contraire ass net nëmmen zum Text vun all deene Gesetzter, mä och zum Esprit dovunner.

A wéi gesot, ech wär ganz frou, Här Minister, wann Der vlächet eis do och nach eng kéier kéint herno berouegen, andeem Der nach eng kéier bestätegt, datt alles, wat Échange d'informations ass, och um Niveau vun de Rulingen ëmmer nëmme kann iwwert déi jeeweileg Steierverwaltungen exekutéiert ginn.

Dat gesot, brénge mir natierlech och hei den Accord zu deem Projet de loi. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An d'Wuert huet, en ass scho prett, den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Jo, ech mengen, et ass alles gesot zu deem Projet de loi. Mir si jo hei am Fong an den Nowée vun der Affär LuxLeaks an der Lëtzeburger Reaktioun och op déi Affär. An ech muss soen, dass mer dëse Projet de loi begrëissen, well en déi Direktiv ëmsetzt, déi de Minister jo ënner Lëtzeburger Présidence mat weidergedriwwen huet an och matgehollef huet ze adoptéieren iwwert den Échange vun deene Rulingen.

Ech mengen a meng Fraktioun ass och der Meenung, dass mer hei an engem Cercle vertueux sinn, dass mer mat der Finanzplaz an där Politik, déi mer elo maache fir méi Transparenz, méi Échange vun Informatiounen, ewech vu Produiten, déi hasardeux sinn, déi och net ausgeräift sinn a wou mer eis e Reputations-schued domadder zouzéien a soss näischt - d'Fondation patrimoniale zum Beispill -, dass mer do mëttlerweil eng méi intelligent Politik maachen, eng Politik mat méi Discernement fir eng Finanzplaz, déi wierklech op Kompetenz-nische baut an net méi op Souveränitéitsnischen, wéi dat allze oft an der Vergaangenheet de Fall war.

Dofir begrëisse mir dëse Projet de loi a mir stëmmen deen och mat. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Wuert huet d'Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Här President, déi gréng Fraktioun wäert dëse Projet de loi matstëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Bon, ass deen heite Projet de loi iwwert den automateschen Austausch vu Rulingen e Fortschrëtt? Mir soe ganz kloer: Jo! Dofir wäerte mir och dëse Projet de loi matstëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

(Exclamations)

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Entgéint deem, wat vlächet gemengt gëtt,...

► **Une voix.**- Dir verfaalt dem...

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Entgéint deem, wat vlächet gemengt gëtt, setze mir eis tatsächlech ausernee mat deene Gesetzter, déi tatsächlech oft komplizéiert sinn. An obwuel mer innerhalb vun eiser Sensibilitéit keng Fiskal-liste setzen hunn, kann ech lech awer versécheren, datt mer der kennen, déi eis och beroden. Dofir kënnen mer och heiansdo e puer Saache soen.

An ech mengen, et waren och... Ech wëll net dorobber zrëckkommen, wat den Här Fayot virdu gesot huet, mä ech mengen, e weess et jo awer och ganz genau, datt déi Direktiv GFIA ze relativiséieren ass. Et ginn awer och gewësse Saachen net kontrolléiert, ënner anereem...

(Interruption)

Jo, Madamm Loschetter, ech weess, ech nerwen. Mä bon, mir si gläich eriiwwer, oder et ass gläich eriiwwer.

(Hilarité)

Mä et gi jo eng Partie Saachen, déi awer och net kontrolléiert ginn, wéi d'Stratégie d'investissement an esou weider. D'Kollege vun der Finanzplaz sinn natierlech ni frou, wa se kontrolléiert ginn. Mä déi Kontroll, déi mer virdu gestëmmt hunn, dee Gesetzesprojet, dee mer virdu gestëmmt hunn, ass awer trotzdeem eng Deregulierung.

Obwuel mer elo deen Échange automatique wäerte matstëmmen, muss ee sech awer trotzdeem nach d'Fro stellen, ob een de Problem vun der Steiervermeidung vu grouse Multinationale wäert geléist kréien. An dat menge mir natierlech net.

Dat heiten ass e klenge Schrëtt no vir, dat ass richtig. Et féiert dozou, datt déi Faveuren, déi Firmen à titre individuel och moossgeschneidert vu verschiddene Länner ugebuede kréien, e bësse méi ëmständlech trotzdeem ginn. Mä et wäert op kee Fall dozou féieren, datt Multinationale en wäerte substanzéiell méi Steiere bezuelen.

D'Regierung setzt sech als Virreider vun där Transparenz dohinner, mä mir wësse jo awer och ganz genau, datt mer u sech e bësse mam



Réck widdert der Mauer stoungen, wou mer hu missen dat heite schlussendlech ëmsetzen, well dat gouf, an dat gouf jo och scho gesot, nom LuxLeaks-Skandal entdeckt. Dat heescht, schlussendlech hu mer och deen heite Projet de loi deenen ze verdanken, déi de LuxLeaks-Skandal opgedeckt hunn. Déi Leit, déi kréien awer meeschtens kee Merci gesot. Si gi viru Geriicht zitiiert a si ginn och nach, an enger éischter Etapp op jidde Fall, condemnéiert. Dat ass net onbedéngt e Reproche un d'Justiz, mä et ass awer trotzdem e Reproche un d'Politik.

(Interruptions)

Ma d'Justiz applizéiert d'Gesetzgebung. Bon, si interpretéiert se zwar „à sa sauce“, mä d'Politik gëtt net vun der Justiz gemaach, an d'Gesetzter och net.

Dofir, mengen ech, misst een och drun erënnere, dass mer weiderhin och nach eis Gesetzgebung iwwert de Whistleblower musse verbessere, fir esou Dériveren nach kënnen besser ze verënnere. Mir waarde mat ganz grousser Spannung d'ailleurs och op de Projet de loi vum Justizminister.

Mä ech mengen awer och, dass et politesch gesinn - et huet een et och gemierkt a leschter Zäit, wéi de LuxLeaks-Skandal erauskomm ass - esou eng Aart helleg Allianz gouf. An och vläicht ënnert der Bevëlkerung - well dat esou verstane gëtt, dass ee Lëtzebuerg net dierft attackéieren - ass amgaangen och dee Glawen ze verschwannen, och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi, dass et gutt ass, dass Multinationallen hei zu Lëtzebuerg quasi keng Steiere méi bezuelen, awer dass den Otto Normalverbraucher e groussen Deel vu sengem Revenu muss awer fir Steiere bezuelen an och derfir suergen, dass d'Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt funktionéieren.

An ech mengen, dass gesinn ëmmer méi Leit an. Schlussendlech duerno gesi se och an, dass eis ëmmer méi Sue feelen an dass si dofir müssen opkommen, ënner anerem andeems d'TVA ëmmer méi eropgezu gëtt.

An duerno muss ee sech awer och nach ëmmer weiderhin d'Fro stelle vum Steierdumping, vun der Steierkonkurrenz op europäeschem Niveau. Well dat ass jo awer och e Problem, dee mer musse wierklech an Ugrëff huelen. A leider ass awer Lëtzebuerg weiderhin e Virreider vun der Steierkonkurrenz op europäeschem Niveau. Dat gëtt och esou assuméiert. Mä soulaang mer dat hunn, dann hu mer natierlech de Problem, dass eng Konkurrenz besteet, dass dann och Lëtzebuerg do matmécht. An dann därer ee sech och net wonneren, dass esou Skandalen erauskommen.

Et kann een à la limite och nach verstoen, dass an der Logik, dans la logique des choses dann eben och Lëtzebuerg versicht, oder op jidde Fall d'Finanzplaz versicht, sech d'Korinthercher erauszuheelen. Mä d'Bierger, net nëmme zu Lëtzebuerg, mä iwwerall an Europa, déi hunn dorunner guer näischt ze gewannen.

Dat heescht, mir hunn zwar elo en Alliierten héchstwahrscheinlech verluer a Groussbritannien. Dat ass vläicht iergendwéi eppes éischter Positives, wann een dat esou ka gesinn. Mä ech mengen, mir müssen elo awer wierklech ganz konkret ginn an nächster Zäit an eis derfir asetzen, wa mer wëlle wierklech wouergeholl ginn, géint Steierkonkurrenz op europäeschem Niveau.

Mä wéi gesot, dass heite wäerte mer awer matdröen. Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - An och den Här Finanzminister ass um Wee, fir säin „Grand Chelem“.

(Hilarité)

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech freeë mech direkt natierlech, dass mer hei e Konsens an Unanimitéit hu fir dee Projet de loi. Dat ass eng ganz gutt Noriicht.

Dëse Projet de loi, des Ëmsetzung vun der Direktiv fir den Échange automatique vu Rulingen läit mir perséinlech ganz besonnesch um Häre, an dat wäert lech och net wonneren, an zwar aus ville Grënn, mä haaptsächlech emol, well et ënner Présidence vun Lëtzebuerg gelongen ass, en Accord zu dëser Direktiv ze fannen, an zwar och nach a relativ kuerzer Zäit. A sechs Méint hu mer et fäerdegbruecht, en Accord, op enger Direktiv, déi mat Besteuerung ze dinn huet, eppes an Europa ze errechen.

Dat ass vu ville begreist ginn, ënner anerem och vum Kommissär Moscovici, deen dat regelméisseg ënnersträicht, an och nach am ECOFIN virun zwee Deeg, wou e gesot huet, dass, wa

mer an de fiskalesche Problemer an an der Koordinatioun an Europa esou gutt virukomm sinn, da wier dat och, well déi zwou Présidencë virun - déi hollännesch, déi elo dëst Joer war, an déi lëtzebueresch - esou gutt geschafft hunn.

Domat hu mir, mengen ech, et fäerdegbruecht, aus där ganz schwéierer Situatioun, an där mer ware mat LuxLeaks, erauszekommen. A mir hunn domat bewisen, dass Lëtzebuerg net en Deel vum Problem ass, mä dass Lëtzebuerg en Deel vun der Léisung ass. An dat ware keng eidel Wieder, mir hunn dat wierklech gemaach!

Den zweete Grond, firwat ech frou sinn, dass mer dat haut hei maachen, an deen ech wëll ënnersträichen, firwat dass dat heite mer esou um Häre läit: Mat deem heite Vott bewiese mir, dass Lëtzebuerg an der Transparenz a fiskalesche Saachen ukomm ass, dass dat keng Wieder sinn an d'Loft, mä dass mer dat seriö huelen! Mä kommt, mir maachen eis näischt vir, a kommt, mir maachen net, wéi wann dat eng Selbstverständlechkeet wier! Mir sinn do alleguerten, alleguerten d'Parteien, eng Gratwanderung gaangen, an ech si frou, dass mer dat haut bal wéi eng Selbstverständlechkeet ugesinn.

Wéi ech ugefaangen hunn als Finanzminister, du war et just geschitt, dass Lëtzebuerg op eng schwaarz Lëscht komm ass bei der OCDE. Dat war meng alleréischte Aufgab an dat war net einfach. Ech krut do gesot, dass d'international multilateral Banken eis vläicht ee Joer Moratoire géife ginn, a wa mer dann net vun där Lëscht géifen ewechkommen, da géifen déi multilateral Banken net méi mat Lëtzebuerg schaffen. Et muss ee sech emol virstellen, wat fir eng Dégäiten dat mat sech bruecht hätt!

Dofir ass d'Regierung relativ schätzeg virugaangen a mir hunn den Échange automatique a Steierfroen 2014 ugeholl. Mir hunn d'Direktiv „mère-fille“ hei am Parlament am Dezember 2014 ugeholl, mir hunn de Common Reporting Standard vun der OCDE zu Berlin ënnerschriwwen 2014 an an engem Gesetz vun 2015 hei zesummen ugeholl. An den 30. Oktober 2015, ongeféier zwee Joer nodeem mer op déi schwaarz Lëscht komm sinn, si mer dann dovunner erokomm. A wéi den Eugène Berger et richteg gesot huet, vill Leit hate geduecht,...

(Interruption et hilarité)

...dass mer duerch déi Transparenzpolitik an duerch déi Changementer riseg Problemer op eiser Finanzplaz géife kréien an dass mer net méi kompetitiv wären. Dat huet sech als falsch erweisen. An doriwwer sinn ech ganz frou, dass eis Finanzplaz bewisen huet, dass se Atouten huet, déi näischt mat der Fiskalitéit ze dinn hunn.

An doduerch, dass mer haut opgestallt sinn, fir eng diversifizéiert Finanzplaz ze hunn, wéi mer et och bewisen hunn elo grad mat der Adopitioun vum Gesetz FIAR, kënnen mer och ganz zouversichtlech an d'Zukunft kucken. An dee Wuesstum, dee mer elo op eiser Finanzplaz hunn, ass e qualitative Wuesstum, dee sech weise léisst!

Ech mengen och, an dat ass ugeschwat gi vu Verschiddenen, dass den État d'esprit an der Bevëlkerung changéiert huet. Säit der Finanzkris vun 2008, wou d'Leit jo alleguerte gelidden hunn, wou d'Steieren a ville Länner - an deene meeschte Länner! - an d'Luucht gaange sinn, inklusiv zu Lëtzebuerg, hunn d'Leit ëmmer manner Verständnis gehat, dass Verschiddener, ob dat elo Privatleit sinn, mä haaptsächlech och Entrepreneuren, a grouss Entrepreneuren, sech laanscht d'Steieren drécken. An dofir ass jo och déi Weltinitiativ komm vum G20, fir en neie Kader fir d'Fiskalitéit ze schaffen.

An entgéint deem, wat vill Leit gemengt haten, dass deen Exercice BEPS - Base Erosion Profit Shifting -, deen am Kader vum G20 a vun der OCDE gemaach ginn ass, wou vill Leit geduecht hunn, dass dat géif Jorzéngten dauere, bis d'State sech géifen eens ginn, wéi se dann d'Fiskalitéit missten nei molen am 21. Jorhonnert, si hu sech all geiert: Well an dräi Joer ass deen Exercice op en Enn komm an ech hat déi Eier, an ech muss soen, och d'Okkasioun, do derbäi ze sinn, wéi dat zu Lima am Peru virgestallt ginn ass an enger Pressekonferenz.

Vill Journalisten hunn do Froen gestallt, ob dat dann elo wierklech eppes Seriöes wär, wat do op d'Bee gesat gi wär, all déi Recommendationen vum BEPS, dat sinn Honnerte Recommendationen, an do hu se déi Fro dem Här Schäuble gestallt. An den Här Schäuble huet geäntwert, an dat ass verbonnen hei mat eiser Diskussioun: „Net nëmme ass et seriö, wat mer hei maachen, mä mir hunn dat schonn anticipéiert, mir hu virun e puer Deeg zu Lëtzebuerg en Accord fonnt iwwert den Échange automatique vu Rulingen.“ Ënner Lëtzeburger Présidence!

Dat heescht, mir waren do - mir, grad d'Lëtzeburger an der Présidence -, a mir hunn dat fäerdegbruecht. An dat ass um Niveau G20 unerkannt ginn.

Ech muss och nach eppes iwwert déi Pressekonferenz verzielen zu Lima, well et ganz interessant war. Si hate mer nämmlech net gesot, dass ech och do misst intervenéieren. Mir waren do zu 15 op enger Tribün. A wéi se mer d'Wuert ginn hunn, huet all Mënsch gegrinst, wéi se d'Wuert u Lëtzebuerg ginn hunn, well ech war jo natierlech nëmme do, well mir d'Présidence vun der Europäescher Unioun hatten. An et si Leit am Sall, déi mer d'Zeen beschriwwen hunn. Déi hu gesot: Wéi de Lëtzeburger d'Wuert kritt huet, all Mënsch duecht: A wat soll deen dann elo doriwwer soen?

Jo, a wat huet de Lëtzeburger gesot? De Lëtzeburger huet e Wuert an de Mond geholl, wat bis dohinner nach iwwerhaapt kee gebraucht hat, an zwar dat Wuert „level playing field“. A wéi ech dat du gebraucht hunn, huet all Mënsch mam Kapp genickt ronderëm, am Fong geholl: Jo, den „level playing field“ wär wichteg. An den „level playing field“ ass och wichteg. A vu dass dat Thema jo oft hei gebraucht gëtt, wollt ech soen, dass Lëtzebuerg drop oppasst, dass esou wäit wéi méiglech den „level playing field“ soll gemonitort ginn, fir dass jiddweree mat deeneselwechte Regele spillt.

Wat ass elo de Contenu vun dëser Direktiv? De Rapporteur huet dat ganz gutt a sengem schrëftlechen a mündlechen Bericht bruecht. Duerfir ginn ech elo net an d'Detailer an, mä ech rappeléieren, dass dann alleguerten d'Rulingen, déi fénnef Joer zrëckleien, müssen ausgetosch ginn, dass et do eng Exemption gëtt fir Rulinge bei Gesellschaften, déi ënner 40 Milliounen sinn, dat heescht PMEen, an dass mir eent vun deenen éischte Länner an Europa sinn, déi des Direktiv ëmsetzen.

Zum Schluss wëllt ech awer och nach ënnersträichen mat engem gewëssenen Humor...

► **Une voix**. - Humor?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Jo. Weinst dem LuxLeaks hu mer 500 Rulingen... Mat LuxLeaks si leider an der ganzer Welt 500 Rulinge vu Lëtzebuerg op den Internet komm. Bis haut sinn dat déi eenzeg an der Welt, déi esou bekannt sinn.

Mat deem Échange automatique wäerte ganz vill Rulingen elo bekannt ginn. Se wäerten net op den Internet kommen, well den Échange gëtt jo um Niveau vun den Administratiounen gemaach, wéi mer dat och hei ënnerstrach hunn, mä, Dir wäert gesinn, d'Rulinge vun deenen anere Länner wäerten och vill méi bekannt sinn. An dat wäert eis d'Liewen och als Lëtzeburger e bësse méi einfach maachen, well ech soupçonéieren, dass déi aner och Rulinge maachen, déi net ëmmer alleguerten honnertprozenteg vun deem Rengste sinn.

► **Une voix**. - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Zum Schluss wëllt ech lech soen, dass mer a Saachen Transparenz an a Saache Blanchiment nach laang net fäerdeg sinn. Ech wäert an deenen nächste Wochen a Méint nach weider Projeten an d'Chambre des Députés schécken. Ech géif der gären dräi hei ervirsträichen:

Een, dee wäert gläich kommen, ass déi sougenannte Direktiv iwwert d'Coopération administrative Nummer 4, wou den „country by country reporting“ dran ass; dat heescht, Échange vun Informatiounen a Saache Steieren tëscht de Länner.

Deen zweete Sujet, dee wäert hei opkommen, ass d'Bekämpfung vum Blanchiment a vum Finanzement vum Terrorismus, wou d'Kommission virun zwee Deeg nei Propositionen op den Dësch geluecht huet.

An drëttsen, an e puer Deeg gëtt dann och d'Steierreform hei am Parlament déposiert, wat ech och muer wäert an der Cofibu kuerz presentéieren an lech en Exemplar ginn. An do wäert Der fannen, dass mer och den Droit pénal fiscal vu Lëtzebuerg moderniséieren a kompatibel maache mat der europäescher Gesetzgebung.

Wéi Der gesitt, Här President, mir hunn nach vill an deem Beräich ze maachen. An ech freeë mech, dass mer eis haut hei all eens sinn, fir des wichteg Direktiv an d'Lëtzeburger Gesetzgebung ëmzesetzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6972 et dispense du second vote constitutionnel

An da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6972 iwwergoen. An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Dëse Projet ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

8. 6971 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Belgique sur l'assistance mutuelle en matière de sécurité civile, signé à Bruxelles, le 5 février 2015

- Sans rapport et sans débats

Ech mengen, dass do kënnen mer net méi toppen, obwuel mer elo zum Projet de loi 6971 iwwerginn, engem Accord tëscht Lëtzebuerg an der Belsch iwwert déi gemeinsam Hëllef am Beräich vun der Protection civile vum Zivilschutz.

Op Ufro vun der Commission des Affaires intérieures a mam unanimen Accord vun der Presidentekonferenz gouf zréckbehalen, dass dëse Projet de loi konform zum Artikel 73 vun eise Chambersreglement ouni Rapport an ouni Debatten ofgestëmmt gëtt.

Et ass keen Awand zu dëser Prozedur virun dëser Sëtzung erakomm, soudatt der Ufro vun der Kommission, mengen ech, Rechnung gedroe ka ginn, a mer da géifen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen, wann d'Chamber do dermat d'accord ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6971 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6971. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn Unanimitéit mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.